Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 171/2023
- 8 MARS 2023
A traiter par:
Copie à:

N° 7730
Entrée le 08.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 8. März 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„De Phänomen vum Landgrabbing ass wäit verbreet an der Europäescher Unioun. An Däitschland ass dofir d'Politik sou zum Beispill amgaang z'iwwerleeën, ob een de Baueren net soll e Virkafsrecht zouzegestoen, fir eenegermoosse géint dës Problematik ze wieren. Och hei zu Lëtzebuerg stinn d'Baueren a Konkurrenz mat Investisseuren, déi Land aus ënnerschiddlechen Ursaachen opkafen.*

*Aus deem Grond wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung follgend Froe stellen:*

- *Huet den Här Minister d'Thematik vum Landgrabbing hei zu Lëtzebuerg scho studéiere gelooss? Wéi vill Akerland, dat net am PAG läit, ass zanter 2015 vun Investisseuren opkaaft ginn?*

- *Wéi vill Felder, Broochland a Wisen hunn an de leschte Joren eng aner Destinatioun kritt wéi déi klassesch landwirtschaftlech?*

- *Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung, déi de Probleem vum Landgrabbing wëllen hëllefen ofzebremsen?"*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten

Gusty Graas
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vum Minister fir Energie an Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°7730 vun den éierbaren Deputéierten André Bauler a Gusty Graas**

- **Huet den Här Minister d'Thematik vum Landgrabbing hei zu Lëtzebuerg scho studéiere gelooss? Wéi vill Akerland, dat net am PAG läit, ass zanter 2015 vun Investisseuren opkaaft ginn?**

  Et sinn hei zu Lëtzebuerg keng weiderféierend Studien zu dëser Thematik gemaach ginn. Och leie kéng Donnéeë fir bezüglech d'Ackerland, dat net am PAG läit, an zanter 2015 vun Investisseuren opkaaft ginn ass.

- **Wéi vill Felder, Broochland a Wisen hunn an de leschte Joren eng aner Destinatioun kritt wéi déi klassesch landwirtschaftlech?**

  Bei de folgenden Zuelen baséieren mir eis ob d'"LIS-L Landuse"-Donnéeën. LIS-L Landuse ass eng geographesch Datebank mat vergläichbaren Donnéeën zur Landnotzung fir d'Joren 2007, 2015 an 2018. Op Basis vun deenen Donnéeë kënne mir de Landverbrauch berechnen an erausfannen, wéi vill landwirtschaftlech an aner natierlech Flächen eng aner Notzung kritt hunn, d.h. an technesche Wieder "artificialiséiert" gi sinn.

  Deen Tableau hei gëtt ee globalen Iwwerbléck zu den Ännerungen vun den eenzelen Typen vu Flächen:

| **Kategorie** | **Netto Verännerungen 2007-2018** | **Duerchschnëttlech Netto Verännerungen pro Joer 2007-2018 ha** | **%** |
|---|---|---|---|
| **Landwirtschaftlech Flächen** | -1.683 ha | -153.0 | 90.3% |
| **Bëscher** | -156 ha | -14.2 | 8.4% |
| **Aner natierlech Flächen** | -25 ha | -2.3 | 1.3% |
| **Total vum Landverbrauch / Flächeverbrauch** | **-1.864 ha** | **-169.5** | 100% |

Wéi aus dëser Tabell eraus ze liesen ass, verleeft de Landverbrauch (ronn 170 ha pro Joer an der Moyenne) zu 90 % zu Laaschte vun den landwirtschaftlechen Flächen. Esou goufen tëscht 2007 an 2018 am Schnëtt all Joer 153 ha an am Total 1 683 ha der Landwirtschaft vir aner Notzungen, notamment fir d'Bebauung, entzunn.

An deem Kontext ass och ervirzehiewen, dass am selwechten Zäitraum (2007-2018) d'landwirtschaftlech Baute mat ronn 270 ha zu der Artificialiséierung vum Buedem bäigedroen hunn.

Wann een d'Analyse nach weider verdéift, da gesäit een, dass virun allem Grasland der landwirtschaftlecher Notzung entzu gouf.

| LIS-L Datenbank (2007 - 2018) | | | |
|---|---|---|---|
| | Gesamtfläch 2007 (ha) | Gesamtfläch 2018 (ha) | Artificialiséierung (ha) |
| Ackerland | 57 920 | 57 447 | -477 |
| Grasland | 68 045 | 66 937 | -1126 |
| Waibau | 1 309 | 1 330 | -7 |
| Bongerten | 2 647 | 2 595 | -62 |
| Aaner spezial Kulturen | 195 | 176 | -11 |

* Differenzen an de Resultater, wann een 2007 mat 2018 vergläicht, erginn sech aus interne Changementer an der landwirtschaftlecher Notzung; wann z.B. Wéngerten an Agrarland ëmgewandelt ginn.

- **Ginn et Iwwerleeungen an der Regierung, déi de Probleem vum Landgrabbing wëllen hëllefen ofzebremsen?**

Am Kader vum neie Programme directeur d'aménagement du territoire (PDAT) vun der Landesplanung, deen aktuell an der Prozedur ass an nach virum Summer vun der Regierung soll ugeholl ginn, sinn 3 grouss Zieler festgehalen, wouvun notamment d'"Reduktioun vum Buedemverbrauch" mee och d'"Konzentréiere vun der Entwécklung op deene Plazen, wou et am meeschte Sënn mécht" direkt ervirzehiewe sinn. Dës Zieler droen direkt zu enger Reduktioun vun der Artificialiséierung vum Buedem an duerfir zum Ofbremse vum „Landgrabbing" bäi.

Iwwert de Wee vun enger Reduktioun vum Buedemverbrauch kënne mir eis natierlech Ressource bewosst a nohalteg schounen, an och landwirtschaftlech Biedem, déi jo fir eis Ernierung vun héijer Wichtegkeet sinn, schützen. D'Konzentratioun vun der Entwécklung op deene Plazen, wou et Sënn mécht, verhënnert eng Zersiidlung vum ländleche Raum, dee soumat fir di landwirtschaftlech Produktioun, d'Biodiversitéit an och d'Noerhuelung erhale bleift.

De PDAT gouf an engem groussen interministeriellen Aarbechtsgrupp ausgeschafft, an deem ënner anerem Vertrieder vum Landwirtschaftsministère a vum Ëmweltministère mat der Landesplanung zesumme geschafft hunn fir Objektiver a Strategien ze entwéckelen, déi eng nohalteg Notzung vun eise Ressourcen – dorënner virun allem de Buedem an d'Waasser – erméiglechen.

Lëtzebuerg, den 6. Abrëll 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN